N°8195
Entrée le 21.08.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n°8195 vum 31. Juli 2023 vum Här Deputéierten André Bauler**

***Wou ass d'Prozedur de Moment drun ?***

D'Stroossebauverwaltung huet scho méi laang ee fäerdege Soumissiounsdossier betreffend den Erneierungsaarbechten un der Nationalstrooss N17 virleien. Well awer d'Gemengen och vun där Geleeënheet profitéiere wollte fir hir Infrastrukturen (Waasserleitungen a Kanal) an engems ze erneieren, konnten d'Aarbechte bis dato net ausgeschriwwe ginn.

Dëst well d'Gemengen (Dikrech a Bettenduerf) nach net sou weit an hirer Planung waren.

Am Abléck waart d'Stroossebauverwaltung op de Vote vun de Gemengeréit zu hirem Deel vun den Aarbechten, sou datt all d'Aarbechte gläichzäiteg kennen ausgeschriwwe ginn.

***Gouf et Problemer bei den Emprisen?***

Et goufe keng Problemer bei den Emprisen.

***Wéini kéinten d'Aarbechten ufänken a wéi géif dëse Chantier konkret organiséiert ginn, fir den Impakt op d'Verkéiersflëss beschtméiglech ze géréieren?***

Esoubal déi zwou Gemengen hiren Deel approuvéiert hunn, kann ausgeschriwwe ginn. Am Mee/Juni 2024 kéint de Chantier da viraussiichtlech ufänken.

Wärend den Aarbechte wäert d'Nationalstrooss N17 tëscht der Bréck (OA171) zu Gilsdref an der Cité militaire komplett fir de Verkéier gespaart sinn.

Fir den Impakt op de Verkéier ze limitéieren, wäert eng Ëmleedung iwwert de CR356A, de CR356 (Rue Principale/Route de Gilsdorf), d'Rue Joseph Merten, d'N14 (Route de Larochette) a schlussendlech iwwert d'N17A (Rue Alexis Heck) ageriicht ginn.

Et sief och drop higewisen datt den Accès bei d'Privathaiser, déi um concernéierten Deel vun der Rue Clairefontaine leien, garantéiert bleift.

***Wéi vill Gefierer fueren duerchschnëttlech iwwert dës Strooss? Gëtt et do rezent Miessungen?***

Op der Nationalstrooss N17 befënnt sech de permanenten an automatesche Compteur Nummer 449. D'Auswäertung vun den Donnéeën tëschent dem 1. Januar 2023 an dem 30. Juni 2023 weist, datt d'Zuel vun de Gefierer déi am Duerchschnëtt all Dag do fuere bei 13 779 läit (Notzgefierer mat abegraff).

Déi Donnéeë sinn ëffentlech a kënne vu jiddwerengem zu all Moment réckwierkend op di fënnef lescht Joer um "Portail des Travaux publics" opgeruff ginn (https://travaux.public.lu/fr/infos-trafic/comptage.html).

Lëtzebuerg, den 21. August 2023
De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten
(s.) François Bausch